PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 21/04/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

D'lescht Woch gouf an der Seniorie zu Péiteng ee Stack fir de Besuch ofgespaart, well eng Persoun positiv op de Covid getest gouf. D'Covid-Pandemie ass deemno nach net eriwwer an et gëllt weiderhi virsiichteg ze sinn, virun allem fir déi vulnerabelst hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch matdeelen, wéi vill Persounen an den Alters- a Fleegeheemer hei am Land aktuell positiv op de Sars-Cov-2 getest goufen?
2. Wéi vill Persounen an de Seniorien hunn aktuell nach kee ganzen Impfzyklus hannert sech?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député